



séiert, an déi gëtt dann domadder duerno verdeelt. Merci villmools.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Här President, ech ka just d'Prëzisioun ginn. Et ass e Pressecommuniqué vun der Gewerkschaft, also ...

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*.- ... op RTL, déi braucht Der net hei ze deposéieren.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mee Dir hutt e Brëif deposéiert. Dat do ass eng Pièce, déi widdleet, wat d'Regierung deposéiert huet. Et ass e Pressecommuniqué, also keng Suerg weinst dem Dateschutz.

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*.- Ech géif lech uroden, liest emol den Interview am „Luxemburger Wort“.

15. 7371 - Projet de loi modifiant :

1^o la loi du 28 avril 2015 relative au réseau cyclable national et aux raccordements de ce réseau vers les réseaux cyclables communaux ;

2^o la loi du 21 décembre 2009 relative au régime des permissions de voirie

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, mir kënnen elo zum nächste Punkt komme vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 7371 iwwert d'Vëlosweeër. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Serge Wilmes, den Här Max Hahn, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Chantal Gary, den Här Jeff Engelen, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ...

(*Brouhaha*)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- De Rapporteur huet d'Wuert, wannechgelif.

► **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- ... Här Minister, mir änneren de Mëtteg d'Gesetz of vum 28. Abrëll 2015 « relative au réseau cyclable national et aux raccordements de ce réseau vers les réseaux cyclables communaux » an och d'Gesetz vum 21. Dezember 2009 « relative au régime des permissions de voirie ».

Erlaabt mir, haut bei der Ofännerung vum Vëlospistegesetz mat engem klengen historesche Réckbléck respektiv enger Anekdot mäi mëndleche Rapport unzefänken!

Viru genee honnert Joer am Fréijoer 1919, emol kee Joer nom Schluss vum Eischte Weltkrich, gouf direkt nees eng grouss Etappëvëloscourse organiséiert, an zwar de Circuit des champs de bataille. Wéi den Numm et scho seet, huet dës Course laanscht zerbombte Krichfelder a Schützegrëf gefouert. Si goung iwwer 14 Deeg a bal 2.000 Kilometer vu Stroosbuerg erop an d'Belsch an nees iwwer Amiens op Paräis zréck an dann op Stroosbuerg. An déi éischt Etapp huet deemools hei op Lëtzebuerg gefouert, mat Arrivée net wäit ewech vun dëser Plaz hei. Dës Vëloscourse soll natierlech stattfannen als Gedenken un de Krich, mee och als Zeeche vum Neiufank, als Signal un déi Jonk, de Kapp net hänken ze loosse, sech, wéi ee sou schéi seet ënner Cyclisten, um Guidon ze rappen an d'Liewen nees an zwou Hänn ze huelen.

Dës Course ass deemools iwwer futtis Stroossen a Weeër ouni vill Strooseschëlde bei kalem an naassem Wieder a mat weesentlech méi schwéiere Vëloe gefuer gi wéi haut, an u speziell wand- a waasserdicht Kleeder oder en Handy mat GPS, nee, do war net drun ze denken.

Ënnerwee si se dacks vum Vëlo gefall, vun Hënn ëmgehäit ginn an esou weider. An trotzdeem hate sech mat vill Courage bal 140 Cyclisten, vill vun hinnen Ex-Zaldoten, an dorënner och dräi Lëtzeburger, fir dës Course ugemellt. Ukomm sinn der, wéi Der lech kënn denken, allerdéngs vill manner. Aus all dës Grënn huet dës Course och nach haut de Ruff, eng vun deene schwéierste Course vun allen Zäite gewiescht ze sinn.

Mee op wat wëll ech hei eraus? Wou ass den Zesammenhang mat dësem Projet de loi? Abee, ech wëll drop opmierksam maachen, datt de Vëlo zu där Zäit eng immens grouss Plaz an eiser Gesellschaft hat. Et war e gängegt Transportmëttel, genee wéi och en attraktivt Fräizäit- a Sportmëttel. A genee dat ass de Vëlo jo och haut erëm am Joer 2019, respektiv, an do si mir da beim Gesetzesprojet vun haut, ass de Vëlo nees um gudder Wee, dat alles ze ginn.

Fir datt et klappt, ass et allerdéngs un der Politik, fir de Biergerinnen an de Bierger an och de Kanner an de Jugendlechen, méiglech gutt a sécher Fuerkonditiounen ze bidden. A genee dorunner schaffe mir mat dësem Gesetzesprojet.

Mir hunn haut en Text virleien, mat deem mir dat neit Vëlosgesetz vun 2015 an e puer Punkte verbesseren. Mam Gesetz vun 2015 kumt et zu enger fundamentaler Neiausrüstung vun der Vëlosstrategie a vum Lëtzeburger Vëlosreseau. Nodeems de Fokus vum 1999er-Gesetz - dat éischt - nach um Fräizäitvëlo louch, gouf ab 2015 de Fokus op de Vëlo als vollwäertegt Transport- a Mobilitéitsmëttel geluecht.

Et geet haut also och am drëtten Projet de loi iwwer Vëlospisten. 1999 war deen éischte Projet, 2015 deen zweeten an elo deen drëtten, deen zweete Projet vun dëser Majoritéit, dat ass de Beweis, datt d'Politik sech dem Potenzial vum Vëlo fir eis Gesellschaft bewusst ass, datt de Vëlo e wichteg Bausteen ass, fir eis Mobilitéit lokal an national ze verbesseren.

Mat dësem Projet de loi soll de Vëlo nach méi en attraktiven a performante Bausteen an dem Puzzle vun der Mobilitéitsoffer ginn. Well d'Demande ass schonn do, a mat all gudder Infrastruktur, déi bäikënn, geet d'Demande och weider erop. D'Zielunge vun der Zuel vu Vëlosbeweegungen, déi op deene verschiddene Vëlosweeër hei am Land gemaach ginn, beweisen dat och, a speziell an der Stad, wou jo ab 2006 den haaptstätesche Vëlospistereseau opgebaut gouf.

Den Interêt, fir sech mam Vëlo ze deplacéieren, betrëfft virun allem déi kuerz Distanzen, dat heescht vu manner wéi fënnf Kilometer, wou de klasesche Vëlo natierlech ganz performant ass. De Vëlo brauch och ganz wéineg Plaz, fir ze parken. An de Parkmanöver ass och ganz schnell gemaach.

Bei den Distanzen iwwer fënnf Kilometer eraus ass d'Potenzial duerch déi verstärkt Benotzung vu Pedelecs rasant gewuess. Wann een de Vëlo reegelméisseg benotzt, fir sech ze deplacéieren, sief dat fir op d'Aarbecht, fir an d'Schoul oder fir eng Klenggekeet akafen ze goen, dréit dat och zu enger gudder Gesondheet bäi. Et ass an deem Sënn net just eng ëmweltfrëndlech oder duuss Mobilitéit, mee och nach eng gesond, well aktiv Mobilitéit.

D'Recommandatiounen vun alle Gesondheitsinstitutiounen a Gesondheetsprogrammer insistéieren drop: Maacht all Dag genuch Bewegung, virun allem wann et drëm geet, dat Angeneemt, dat heescht d'Aktivitéit, mat deem Nätzlechen, dat heescht d'Mobilitéit, ze verbannen! Eng rezent Etüd huet nach eng Kéier bewisen, wéi wichteg et ass virun allem fir d'Preventioun vu kardiovaskuläre Problemer.

D'Mobilitéit douce respektiv aktiv mam Vëlo ass och zougänglech, finanziell gesinn, fir all sozial Schichten. De Kaf vun engem Vëlo fänkt zum Beispill bei enger gudder Occasioun scho bei ënner 300 Euro un. An ee gudden neie Vëlo kritt Der och schonns fir manner wéi 1.000 Euro a Pedelecs ab ronn 1.500 Euro. Dobäi gëtt den Neikaf vu Vëloen, Pedelec an E-Bike jo och nach vum Staat an och vu verschiddene Gemenge subventionéiert.

D'Zuel vun de Pedelecs, och nach Pedelec 25 genannt, well hei d'elektresch Assistenz beim Pedalléiere bis maximal 25 Kilometer an der Stonn fonctionéiert, geet rasant an d'Luucht. An och d'Zuel vun den E-Bikes oder och nach Pedelec 45 genannt, well hei d'ënnerstëtzung bis 45 Kilometer an der Stonn geet, wissst. Si erlaben och deene Leit, déi an enger manner gudder physischer Form sinn, de Vëlo fir hir Mobilitéit ze benotzen. Si erlaben et och, fir länger Strecken méi schnell a fir gréisser Steigungen ouni Schweesspären ze fueren.

D'Ëmweltfrëndlechkeet vun den Deplacementer mam Vëlo brauch net extra ervirgehuewen ze ginn.

(*Mme Djuna Bernard prend la présidence.*)

De Vëlo kann awer zum Beispill och zu engem verbesserte Sozialiewe bäidroen. De soziale Kontakt ass méi spontan, esou wéi och wann een ze Fouss ënnerwee ass oder mam Transport public.

Bei de konkreten Ännerungen, déi dës Projet beinhaltet, wëll ech op sechs Punkten agoen.

Deen éischte Punkt vum Projet de loi gesäit vir, datt de Réseau national an Zukunft aus 38 Itinéraires cyclables - ech wäert se hei aus Einfachheetsgrënn Vëlospisten nennen - an aus zwou Vëloexpressverbindungen wäert bestoen. Den Total vun 38 ass dee selwechte wéi am 2015er Gesetz, mee eng ganz Rei Pist sinn elo iwwerschafft ginn an duerch nei Strecken an Interkonnexiounen ergänzt. Ronn 100 Kilometer vum ale Réseau ginn duerch ee méi sécher Tracé ersat, soudatt op Basis vun dësem Gesetzesprojet ënnert dem Stréch nach eppes

iwwer 600 Kilometer Vëlospisten ze baue sinn, fir deen nationale Réseau op seng komplett Längt vun 1.102 Kilometer auszubauen.

Vun dëse 600 Kilometer, déi ze baue bleiwen, gi 400 Kilometer op d'Gesetz vun 2015 zréck a ronn 200 Kilometer op de Gesetzesprojet, dee mir haut hei virleien hunn.

Wann Dir de Listing vun de Pisten kuckt, da gesitt Dir, datt déi Pisten och ënner sech besser matenee verbonne sinn oder, méi einfach ausgedréckt, datt si sech kräizen, esou wéi dat och am Autosreseau de Fall ass. Bei all Pist steet dann och derbäi, wat fir Stied oder Dierfer vun deene jeeweilege Pisten zerweiert solle ginn, wat dann och d'Ubannung u besteeënd Gemengereseauen erlaabt.

Zweetens wäert d'Gestioun vun den existente Pisten doduerch vereinfacht ginn, datt hiren Tracé elo op enger Kaart am Moosstab 1:20.000 dokumentéiert gëtt.

Drëtten gesäit de Projet, wéi schonn erwänt, fir d'éischte Kéier och Expresspiste vir. Dëst si Vëlospisten, déi esou mann wéi méiglech besteeënd Stroosse kräize sollen an doduerch ee schnell Virukomme garantéieren. Et geet hei ëm d'Expresspist vu Lëtzebuerg op Beetebuerg an ëm d'Expresspist vu Lëtzebuerg op Esch. Dës zweet Expresspist soll laanscht den Tracé vum schnellen Tram verlafen. Een Avantgoût, wat fir een Interêt esou eng Pist ka kréien, kënn Dir op der Vëlospist laanscht den Tram um Kierchbiereg gesinn.

Esou wéi den Titel vun dem Gesetz och seet, soll d'Vernetzung, am Titel steet „raccordements“, vun den nationale Vëlospiste mat de lokalen, kommunale Vëlospiste weider ausgebaut a verbessert ginn. Ech kommen nach am nächste Punkt dorobber ze schwätzen.

Niewent der Vernetzung um nationalen a kommunalen Niveau geet et mat dësem Gesetz awer och speziell ëm eng besser Ubannung un d'Schoulen, u grouss Aktivitéitszonen an u Pôle-d'échange vum ëffentlechen Transport. Ee gutt Beispill, wéi esou eng Vernetzung ausgesäit, ass de Pôle d'échange vun der Roudier Bréck an der Stad. Op dëser Plaz verleeft d'Vëlospist PC1, déi vun der Luxexpo aus iwwert de Kierchbiereg duerch d'Stad geet. Beim Pôle d'échange Roud Bréck-Pafendall erlaabt dës Vernetzung dem Cyclist enger-säits, op den Tram, op den Zuch oder op de Bus eriwuerzeklappen, anerersäits kann de Cyclist awer och op d'Vëlospist PC2 wiesselen an do weider Richtung Dummeldeng pedaléieren.

Dann zum fënnefte Punkt. Mir wëssen, datt och vill Gemengen zolidd Efforte gemaach hunn an nach weider maachen, fir hir Gemengereseauen auszubauen. Fir datt de Cyclist all Pist kann optimal notzen, dat heescht souwuel déi national wéi och déi kommunal, muss si gutt matenee vernetzt ginn, gutt beschëldert an och gutt ënnerhale ginn.

Dofir ass ee fënnefte wichteg Punkt, datt d'Opdeelung vun de Responsabilitéite vum Finanzement tëscht Staat a Gemeng nach eng Kéier kloergestallt gëtt. A groussen Zich gesäit dat follgendermoossen aus:

De Staat plangt a baut deen nationale Réseau a keeft och d'Emprisen, déi néideg si fir déi national Vëlosweeër. Déi eenzeg Ausnam sinn hei déi Pistenabschnëter an enger Uertschaft, déi zur Gemengevoirie gehéieren. Hei sinn d'Emprisen an den Amenagement à charge vun der Gemeng. Doriwwer eraus realiséiert a finanzéiert de Staat och d'Infrastrukturen op de Staatsstroossen, och an enger Lokalitéit.

De Staat mécht bei nationale Pisten och den Entretien constructif, zum Beispill kleng Reparaturarbechten, och hei mat der Ausnam vun Itinéraires, déi innerorts zur Gemengevoirie gehéieren. Am Ennerscheed dozou läit d'Responsabilitéit fir den normalen Entretien courant, dat heescht d'Proppehalen, d'Heckeschneiden, ganz bei deene jeeweilege Gemenge fir déi Deeler, déi op hirem Territoire leien. Eenzeg Ausnam hei sinn déi nei Expresspisten, wou de Staat fir de lafenden Ënnerhalt zoustänneg ass.

D'Raccordementer vun engem kommunale Réseau oder vun Uertschaften un den nationale Réseau sinn à charge vun de betraffene Gemengen. De Mobilitéitsministère bitt hei awer e Subsid vu maximal 30 % vun den Ausgaben un. Eng Neuerung ass, datt d'Subside vum Mobilitéitsministère mat anere staatleche Subsiden, wéi zum Beispill vun der ASTA a vum Tourismusministère, cumuléiert kënnen ginn.

Sechstens, an da kommen ech zum leschte Punkt: Mat dësem Projet de loi änneren mir och d'Gesetz vum 21. Dezember 2009 iwwert de Regimm vun de Permissions de voirie. D'Vëlospiste ginn an d'Lëscht vun den Definitiounen bäigesat an déi eenzel Vëlositinerären an eis national Voirie integréiert. An Zukunft ass dann och kloer, datt eng Permission de voirie muss ugefrot ginn, wann een Aarbechten un oder

laanscht enger besteeënder Vëlospist wëllt maachen.

Dës Projet de loi gouf viru 14 Méint, den 12. Oktober 2018, an der Chamber deposéiert. No zwou Amendementsnavetten tëscht Chamber a Staatsrot konnte mir all Opposition-formellen aus dem Wee raumen, an d'Kommission huet de virleiede Rapport an der Sëtzung vum 17. Oktober 2019 ugehol.

Ofschléissend nach ee Merci un all d'Membere vun der Kommission fir hire positive Bäitrag zu den Diskussiounen. Dee selwechte Merci geet och un all déi betraffe Beamten aus dem Ministère vun der Mobilitéit an den Travaux publics, déi eebenfalls mam néidege Sachverstand an Enthusiasmus zu der Reussite vun dësem Projet de loi bäigedroen hunn.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Villmools Merci dem Rapporteur fir säi gudden Rapport. Ganz interessant war natierlech dee klengen Ausfluch an d'Geschicht, deen en hei geliwwert huet, e Kapitel doraus, dat mer och nach net kannt hunn. Dat heescht, et kann een ni déi ganz Geschicht kennen. Dofir, et war ganz flott, datt en dee Retour gemaach huet no hannen.

Natierlech wär et och gutt gewiescht, wann Der am Historique, deen Der gemaach hutt vun der Gesetzgebung, net vergiess hätt, datt net 2015 déi éischte Kéier de Paradigmewissel komm ass mat dem Ausbau vun engem Réseau vu Vëlospisten, déi net méi solle just genotzt gi fir Tourismus, mee eeben och fir op d'Aarbecht, an d'Schoul ze fueren, mee schonn 2013, well do war en Avant-projet de loi schonn deposéiert gi vun dem deemolegen Transportminister, dem Claude Wiseler. An dann an der Suite war deposéiert ginn ...

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Wou awer deen dote Volet, Här Wilmes, précisément net dra war!

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Dach, natierlech war dat dran!

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Neen, de Staatsrot hat dat deemools och monéiert a sengem Avis.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Wësst Der, dat war ganz kloer dran, datt schonn e Paradigmewissel komm ass! Ech hat et wierklech nach eng Kéier nogekuckt virun. An ech soen lech och, firwat ech dat natierlech eng Kéier erwänen. Éischten well et awer wichteg ass, et nach eng Kéier ze soen; „Ehre, wem Ehre natierlech gebührt“, an zweetens och, well et an der Suite vum MoDu war. An de MoDu ass 2012 presentéiert gi vun der deemoleger Regierung an do ass eeben e Paradigmewissel komm. Do steet ganz genau dran zum Beispill, datt et wichteg ass, fir d'Distanzen ënner véier, fënnf Kilometer kënnen méi ze Fouss ze maachen oder mam Vëlo ze fueren.

An et ass kloer op där Suite dovunner, wou dunn och en éischte Projet de loi, also en Avant-projet de loi schonn ausgeschafft gi war. An dat ass, mengen ech, awer och ëmmer wichteg, datt een dat nach eng Kéier betount: Et ass net mat där heiter Regierung, wou dee Paradigmewissel ugefaangen huet!

Mee et ass och nach am Endeffekt egal, well ech mengen, dat Wichtigst ass, datt mer do alleguerten un engem Strang zeien. Ech hunn et elo just betount, datt et wichteg gewiescht wär, dat am Historique eng Kéier och ze erwänen, well natierlech ënnerstëtze mer dat.

(*Interruption par Mme Josée Lorsché*)

Mir hunn et jo och ënnerstëtzt gehat, wéi 2015 dat Gesetz fir d'éischte Kéier ugehol ginn ass. Mir wäerten och dës Projet de loi ënnerstëtzen.

(*Interruption par Mme Josée Lorsché*)

Dat ass, mengen ech, elo dee wichtigste Message, deen ech och ka soen.

Wann d'Madamm Lorsché sech gäre wëllt aschreiwen, ka se dat jo gären nach maachen.

Op jidde Fall ënnerstëtze mer dat. A wann ee jo kuckt, et si jo scho ganz vill Kilometeren, déi existéieren vun nationale Vëlospisten. Hei kommen nach eng Kéier netto, par rapport zu 2015, 83 nei Kilometeren derbäi. Dat ass eng gutt Saach.



Wat och derbäikënn, dat si jo déi Expressvëlospisten tëschent Beetebuerg an der Stad respektiv Esch an der Stad.

(Interruption par M. François Bausch)

Jo, Dir huelt awer 113 Kilometer ewech, déi Der nämlech wäert deklasséieren, esou steet et am Rapport.

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Dat ass awer net ganz richteg.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Ech hunn et gelies. Da steet et falsch am Rapport.

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Jo.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Do steet netto dran: 83 Kilometer.

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Jo.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Ma natierlech, tant mieux, wann et der méi sinn! Ech mengen, mir streiden eis do net ëm déi Zifferen do, well dat ass wierklech net de Punkt. Wann et der méi sinn, tant mieux. Mee esou op jidde Fall steet et emol am Rapport.

Wéi gesot, mir ënnerstëtzen dat. Ech mengen, do brauche mer net nach laang driwwer ze diskutéieren, datt et wichteg ass, datt mer méi solle kucken, kënnen op de Vëlo ze klammen. Dofir brauche mer gutt Vëlospisten iwwer Land och, eeben och grad iwwer Land, net nëmmen an de Stied, fir och do kënnen de Leit et ze erméiglechen, méi séier entweder an de Lycée ze kommen oder op eng Gare ze kommen, op hir Aarbechtsplaz ze kommen. Dofir brauch een natierlech awer, wéi gesot, gutt Infrastrukturen, déi och ofgeséichert sinn esou wäit wéi méiglech, datt een eebe sécher kann doriwwer fueren. Dat steet alles net zur Diskussioun.

En anere wichteg Punkt, deen heidra soll méi gekläert ginn, ass och sécher d'Relatioun tëschent dem Staat an de Gemengen. Den Här Back huet dat virdrun och nach ugeschwat. Do geet et dann haaptsächlech ëm d'Finanzéierung. Mee et ass aver net nëmmen deen Aspekt vun der Finanzéierung u sech, deen nach méi kloer muss gestallt ginn, mee et ass och den Aspekt, wéi dann déi eenzel Pläng, déi Gemengen hu respektiv de Staat huet, kënnen openeen ofgestëmmt ginn.

Mäi Kolleeg, de Marc Lies, hat eng kéier an der Kommissioun zum Beispill d'Fro opgehäit, wéi et da wier a senger Gemeng. Si hunn als Hesper d'Iddi, fir eeben och eng Vëlospist ze bauen, déi vum Houwald erofgeet an den Hesper Dall an dann erëm erop Richtung Izeg a Contern, fir d'Zone d'activités an d'Gare do unzeschleissen, wat ronn 7,5 Kilometer Vëlospist wäeren, déi awer elo net hei explizitt virgesi sinn an der Annex an an deem Plang vun deene Pisten, déi nach solle bäikommen.

An en hat do d'Fro gestallt: Wéi ass et dann eebe mat Initiative vu Gemengen, déi nach nei sollen derbäikommen, kënnen déi nach no-dréiglech, wann dat heite Gesetz gestëmmt ass, iwwer Règlement grand-ducal och unerkannt ginn? An ass et méiglech, zum Beispill och eng Konventioun ze maachen tëschent de Gemengen an dem Staat, wou festgehale gëtt, datt zum Beispill eng Gemeng déi Pist selwer kéint bauen an et net musse Ponts et chaussées sinn, déi déi Pist bauen, wa mer all wëssen, datt Ponts et chaussées ganz vill aner Aarbechten hunn?

En anert Beispill ass dat, wat mer den Emile Eicher gesot huet, dee scho laang eeben och wëlles huet, an déi Pist ass jo och hei virgesinn, den Schloss vu Clierf, Elwen erop op déi Vennbahn mat der belscher Grenz, datt déi kéint esou schnell wéi méiglech realiséiert ginn. Och déi soll da vu Ponts et chaussées realiséiert ginn. Mee och do kum awer schonn de Retour, datt déi esou vill ze dinn hunn, datt et schwéier gëtt, dat an enger Zäit ze realiséieren esou kuerz wéi méiglech.

An dowéinst wär d'Fro, ob et net gutt wär, sech nach eng kéier duerno awer mat Gemenge kënnen zesummesetzen a Konventiounen ze maachen, datt, wa si et wëlle gäre realiséieren, si dat och kënnen maachen, an natierlech och do nach eng kéier d'Fro vun der Finanzéierung ze kucken, ob déi net kéinten dann déi Fraisen erëm eng kéier och zréckbezuelt kréien. Well ech mengen, wann d'Gemenge schonn disposéiert sinn, dat ze iwwerhuelen, da soll ee se och doranner ënnerstëtzen.

An en anere wichteg Punkt ass natierlech och wierklech d'Integratioun vun deenen nationale Vëlospisten an déi kommunal Vëlospisten, well

dat ass net ëmmer onbedéngt esou evident, fir dat ze realiséieren. Hei stinn eng ganz Partie där Vëlospisten dran, déi féieren zum Beispill och queesch duerch d'Stad. Dat ass vläicht op där enger Säit jo gutt, datt een déi Wonschëlëscht sech do ka ginn, wou een do wéilt gäre eng Ubannung maachen. Op där anerer Säit muss een och wierklech awer dann den Dialog an d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng a mat de Gemengen och sichen.

An datt dat net ëmmer de Fall ass, hat ech lech och eng kéier perséinlech gesot. Well et kann awer och net sinn, datt een u sech als Gemeengeverantwortelegen aus der Zeitung muss liesen, datt e Raccordement geplangt ass tëschent zwou nationale Vëlospisten, déi iwwer engem säin Territoire ginn. An da freet een no: Hu mir dann domadder eppes ze di gehat? Si mir doriwwer informéiert ginn? Da kënnt einfach: Neen, dat ass net geschitt!

Ech mengen, dat ass keng optimal Situatioun!

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Wann ech elo wéisst, vu wat fir enger Pist Der schwätzt.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Ech hat lech eng kéier gesot, et ass déi Verbindung tëschent Stroossen, Briddel respektiv erof iwwert d'Millebaacher Strooss bis d'Echer Plaz un déi national Vëlospist, déi dann duerch de Lavalspark geet. Do hat ech eng kéier zitëiert, als Beispill ginn, datt mer an der Zeitung gelies hunn, datt dat u sech geplangt wier, do geif schonn intensiv dru geschafft ginn. Wat jo alles schéin a gutt ass! Mee ech mengen, wa mer gäre wëllen déi Piste realiséieren, datt dat esou séier wéi méiglech soll geschéien, do ass jiddweree mat derbäi.

Mee et ass awer komesch, dat mussen als Gemeengeverantwortelegen aus der Zeitung gewuer ze ginn. Well Dir kënnt lech jo virstellen, Dir waart selwer eng kéier Gemeengeverantwortelegen, datt et net flott ass, Froe gestallt ze kréie vu sengen Awunner, déi herno op een duerkommen a soen: A, kënnt eng Vëlospist hei virun eiser Dier? Oder: Wéi ass déi da geplangt? Ass net nach eng Alternativ vläicht méiglech?, a mir wëssen et net!

Do ass awer Matière vu Verbesserung, wou ee ka méi zesummeschaffen, wou ee ka richteg sech als gläichwäerteg Partner begéien. An dat soll net als eng stupid Kritik einfach ugesi ginn, mee et ass e konstruktiven Opuuff, fir sech dann och mat de Gemengen zesummesetzen an ze kucken, wat hir Pläng, wat hir Virstellung sinn, a sech dann do ofzestëmmen, datt mer einfach allegueren um selwechte Wëssens- a Kenntnisstand sinn an datt mer dann och zesummen un engem Strang do kënnen zéien.

Dat dierfen awer net nëmme Lippebekenntnisser sinn, datt muss och wierklech an der Realitéit esou gehandhaabt ginn. Dat ass awer wierklech en dréngenden Appell, deen un lech ze richten ass. An ech weess awer, datt Der sensibil derfir sidd. An dofir ziele mer och op lech, datt mer an Zukunft eeben och do déi Zesummenaarbecht nach kënnen verbessern.

En aneren a leschte Punkt ass, datt et net esou kloer heierausgeet ëmmer, ob den Ëmweltministère an deene meeschte Projeten och matagebonne gëtt. Well vill vun deene Piste wäerte jo awer och entweder duerch Bëscher fueren oder iwwer Landweeër fueren, wou et wichteg ass, datt den Ëmwelt och muss seng Autorisatiounen ginn. An natierlech ass dat e wichtige Partner, deen ee muss mat u Bord hunn, fir och déi Pisten dann esou séier wéi méiglech kënnen ze realiséieren.

Et stinn also nach eng Partie Froen op, déi een duerno nach eng kéier muss klären. Mee ënnert dem Stréch, mir ënnerstëtzen dëst Gesetz a fannen, datt et wichteg ass, datt mer dat esou séier wéi méiglech dann och elo kënnen emsetzen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Den honorabelen Här Max Hahn huet d'Wuert.

► **M. Max Hahn** (DP).- Madamm Presidentin, eng vun de Sportarten, fir déi Lëtzebuerg jo an der ganzer Welt bekannt ass a wou mer och sécher esou munches opzeweisen hunn, ass mat Sécherheet de Cyclissem. Mir hunn an der Vergaangenheet vill gutt Coureure gehat an haut och ganz vill talentéierten Nowuess. A vill Lëtzebuerger kucken och ganz gär déi sëllegen internationalen Courssen. Ass Lëtzebuerg dofir e Vëlosland?

Wann een am Alldag esou kuckt, dann ass et, mengen ech, keng grouss Iwwerraschung, an dat mierkt een, dass mer relativ kloer virun allem en Autosland sinn. Ganz vill Deplacemeter, virun allem och fir kuerz Weeër, ginn nämlech mam Auto gemaach.

Déi lescht Studie weisen eis, dass zwee Drëttel vun de Leit den Auto huele fir Distanzen tëschent engem a fënnf Kilometer. Gläichzäitig maache virun allem déi kleng Trajete méi wéi een Drëttel vun eisen alldeeglechen Deplacemeter aus. Do ass also nach ganz vill Potenzial, vu dass déi quasi all mam Vëlo oder ze Fouss kéinte gemaach ginn.

D'Virdeeler vu „méi Vëlo, manner Auto“ leien op der Hand. Manner Auto op de Stroossen hätt eigentlech nëmme Virdeeler, manner Verkeier op de Stroossen an deemno och manner Stau. Et bedeit och manner Ofgasen, manner Kameidi, jo, och manner CO₂ an doduerch och eng méi propper Loft.

A schlussendlech mécht de Cyclist och nach eppes fir seng Gesondheet an, jo, och fir säi Wuelfbannen.

Ma firwat ass d'Situatioun dann esou, wéi se de Moment ass?

Wa mer an d'Ausland kucken, do schéngt jo esou munches méiglech ze sinn. Firwat ass dat net bei eis de Fall? Mir kënnen dovunner ausgehen, dass et net un der Bereitschaft vun de Leit läit, op de Vëlo ze klammen. Ëmfroe soen eis nämlech, dass 80 % vun de Leit méi wéilte mam Vëlo fueren, wann dann d'Konditiounen géife stëmmen.

An ech mengen, domat ass scho villes gesot. Mir brauchen also net méi laang ëm de Bräi ze rieden. Et ass nämlech do, wou d'Kromm an der Heck läit. D'Konditiounen sinn am Moment einfach net immens.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Ugefaange beim Réseau. Do sinn iwwerall Lächer dran. Mir hunn net genuch Kilometer Vëlospisten. Op ville Plazen am Land missten d'Leit iwwert d'Strooss fueren, wa se zum Beispill mam Vëlo op d'Schaff wéilte kommen. An Dir kënnt lech jo denken, dass dat net nëmmen desagreabel ass, permanent iwwerholl ze ginn, mee och nach net ganz ongeféierlech.

Do derbäi kommen dann och nach déi sëllege Chantieren uechtert d'Land. Déi si selbstverständlech onëmgängelech, besonnesch fir den öffentliche Transport ze verbessern, mee si maachen et dem Vëlofuerer am Moment natierlech net méi einfach.

Zweetens, déi Vëlosweeër, déi mir hunn, déi si leider dacks schlecht, fir net ze soe ganz schlecht beschëldert an och oft net gutt uegebonden un aner Vëlospiste respektiv un den nationale Vëlospisternetz. Ech si jo alt emol selwer vun Zäit zu Zäit mam Vëlo am Land ënnerwee, mee ech kann lech soen, Här President, do ginn et nach esou munch Plazen, virop am ländleche Raum, wou Der lech iergendwann enzwousch erëmfant an net méi wësst, wou Der dann hisollt. An ech mengen, mir geet et do net eleng esou, well et begéint een ëmmer erëm Leit op de Vëlospisten, déi een dann nom Wee froen.

Ech muss natierlech hei soen, dass déi nei Versioun vun der Mobilitéitsapp do eng ganz flott Hëllef ass. Déi weist engem direkt op enger Kaart, wou ee mam Vëlo ass a wéi ee Wee ee muss fueren, fir op seng Destinatioun ze kommen. Mee ech fäerten awer ganz, dass nach net genuch Leit au courant heivunner sinn, dass déi App dat alles kann. Do misst also menger Meenung no nach vill méi doriwwer informéiert ginn, och dass d'Touriste se vläicht och méi benotzen.

Wat mer hei zu Lëtzebuerg brauchen, ass en enkmaschegt Netz vu Vëlosweeër, déi sécher sinn, déi no sinn an déi d'Leit dohinner bréngen, wou se himussen. Et ass an anere Wieder oder och einfach eng Saach, jo, vu Confort.

Do spillt natierlech als drëtter Punkt och den Ënnerhalt vun de Pisten eng Roll. Eng Vëlospist, déi futti ass, déi Rëss a Lächer huet, déi voller Bulli ass oder naass Blieder drop huet oder am Wanter glat ass, déi ass och net méi sécher. An et ass evident, dass d'Leit do net onbedéngt wëllen drop fueren.

Här President, 2015 hu mer e Gesetz gestëmmt, dat sollt e Paradigmewissel aleeden an d'Mobilité douce vill méi staark an de Vierdergrond stellen. Och deemools gouf iwwert déi sëllege Problemer wéi haut diskutéiert, grad wéi iwwert d'Léisungen. Dat wieren eeben, wéi gesot, de quantitativen an de qualitativen Ausbau vum Réseau, mee och d'Integratioun vum Vëlo an e gesamt Mobilitéitskonzept.

De Gesetzesprojet, ëm deen et haut geet, entweckelt also d'Gesetz vun deemools op verschiddene Punkte weider. En integréiert d'Erfahrungen, déi entre-temps gemaach gi sinn, fir quasi e Feintuning vum alen Text ze maachen. De Rapporteur ass schonn am Detail op déi eenzel Punkten agaangen an huet eis all déi wichtegst Zuele genannt. Ech wäert dat dowéinst net méi brauchen ze widderhuelen.

Ech wëll just soen: Déi grondsätzlech Iddien hu par rapport zu deemools net changéiert. Als DP

fanne mir dofir d'Approche vum Gesetz prinzipiell och nach ëmmer déi richteg. Konkreet denken ech hei u verschidde Punkten, déi ech kuerz wëll erauspicken.

D'Ubanne vum Vëlo un aner Fortbewegungsmittelen, virun allem natierlech den Zuch, ass mat eent vun de wichtegsten Elementer. Well souguer wann een net onbedéngt mam Vëlo ganz op d'Aarbecht kann oder wëllt fueren, kann een esou séier bis bei déi nächst Garé kommen.

Op déi Manéier ginn och Parkplaze gespuert, wat jo och ëmmer méi zu engem Problem op de kleng Garen an der Peripherie hei am Land gëtt. De Moment muss een dann awer just kucken, dass genuch Plazen an der mBox sti respektiv dass genuch Waggone mat Plaz fir Vëloen agesat ginn.

D'Vëlofrëndlecheit vu Bus an Zuch ass en Theema fir sech. Mir sinn awer dovun iwwerzeegt, dass et essenziell ass, wa mer wierklech e Paradigmewissel hei am Land wëllen hirkéien an eng vill méi staark Vëloskultur am Alldag wëllen errechen. Dofir si mir och der Meenung, dass déi Vëlospisten, déi bei d'Garé féieren, prioritär gebaut solle ginn.

À propos Vëloskultur: Mir begrëssen natierlech och ausdrécklech, dass d'Primme fir en neie Vëlo ab nächstem Joer och fir Kannervëlo gëlen. Dat setzt och en däitlech Zeechen, fir déi sportlech Aktivitéit an ëmweltfrëndlech Mobilitéit vu Klengem un am Alldag ze verankeren. D'Kanner fir de Vëlo ze begeeschten, ass, mengen ech, ganz wichteg, fir dass se spéider éischer de Reflex hunn, mam Vëlo bei d'Kolleegen ze fueren, wéi ëmmer direkt dat mam Auto wëllen ze maachen.

D'Promotioun vum Vëlo bei deene Jonke kann oder soll och iwwer aner Projeten an Initiative gefërdert ginn. Et gëtt jo scho laang d'Coupe scolaire, mee, ech mengen, et ass derwäert, sech eng kéier ze iwwerleeën, wéi een dat nach verstärkt kéint maachen.

Ech hat och schonn a menger Ried vun 2015 drop higewisen, dass e gutt Zesummespill tëschent dem Staat an de Gemengen den A an O an deem Dossier ass. Den Entretien ass eng Saach. Derbäi kënnt awer och den Ausbau vum kommunale Vëlospistennetz respektiv d'Ubanne un den nationale Réseau. Ech freeë mech, dass mat deem Gesetzesprojet och op deser Plaz nogebessert gëtt, andeems déi finanziell Ënnerstëtzung, déi eng Gemeng fir e Projet ka kréien, ugepasst gëtt. Sou kënnen mam neie Gesetz all déi kommunal Projeten an de Genoss vun engem Subsid kommen, déi eng Ubanne un den nationalen oder souguer en internationale Vëlosréseau duerstellen.

Och ass et an Zukunft méiglech, verschidde staatlech Hëlfe fir Vëlospiste kënnen ze cumuléieren, ouni natierlech d'Gesamtkäschten ze iwwerschneiden.

Frou sinn ech dann awer och doriwwer, dass d'Zoustännegkeet vun de Gemengen an dem Staat, wat de Bau, den Entretien an d'Beschëderung betrëfft, méi däitlech definéiert gëtt, wouduerch d'Zesummenaarbecht tëschent Staat a Gemengen och vereinfacht a méi effikass gëtt.

Ech wollt dann awer och nach ee Punkt uschwätzen, deen ech schonn an der Kommissiounssitzung proposéiert hat an deen, esou schéngt et mer, och wierklech hëllef wäert, fir dass virun allem déi wichteg Projete méi séier kënnen realiséiert ginn. Vu dass de Staat net déi Personalressourcen huet, fir all Projet gläichzäitig ëmzesetzen, loosse verschidde Chantieren eebe laang op sech waarden, déi awer eventuell fir déi betrafte Gemeng ganz wichteg sinn.

Dofir sinn ech frou, dass de Minister an der Kommissioun zougesot huet, dass an Zukunft d'Gemengen de Projet am Numm vum Staat realiséieren kënnen. D'Gemenge géifen an deem Fall de Projet no den allgemenge Reegelen ausschaffen an de Staat autoriséiert a bezilt des Aarbechten.

Deemno wier d'Gemeng de Bauhär, wat de grouse Virdeel huet, dass méi séier gebaut ka ginn an domat besonnesch déi prioritär Vëloprojeten um Gemengenniveau op déi Manéier méi séier virukommen.

Här President, et geet lech vläicht och esou: Wann een alt emol an d'Ausland geet an et gesäit een, wéi gutt do d'Vëlospisten op verschiddene Plaze sinn a wéi gutt de Vëloverkehr do och klappt a wéi flott d'Vëlospisten do sinn, da fannen ech dat ëmmer eng super Reklam fir déi Stied respektiv fir déi Géigend.

An deem Sënn wier e flotte Vëlospisternetz zu Lëtzebuerg net just kamoud an effikass, fir eis Mobilitéit virunzebréngen, et wier gläichzäitig och e risege Pluspunkt fir eisen Tourismus.

Als DP freeë mir eis dowéinst, zesumme mam Tourismusminister, iwwert déi geplangten



Uschlëss un international Vëlosweeër, wéi d’Vennbahn oder de Réseau RAVeL am Norden. Hei am Land selwer wäerte mat dësem Gesetz d’touristesche Hotspots wéi de Stauséi, den Naturpark Uewersauer an d’Musel méi accessibel mam Vëlo ginn. Dat ass e weidere wichtege Schrëtt, fir den Aktivtourismus hei am Land ze fërderen a Lëtzebuerg an där Hisiicht méi attraktiv ze maachen.

Den zoustännegen Minister Lex Delles huet jo erkläert, dass genee dat eng vu senger Prioritéiten an deenen nächste Jore wäert sinn.

Här President, zum Schluss wëll ech awer nach dat heite soen: Dat bescht Gesetz déngt näischt, wann et net ëmgesat gëtt! Mir hunn haut, souwäit ech mech net ieren, eng 630 Kilometer national Vëlospisten. Dofir hu mir ronn 20 Joer gebraucht. Schonn d’Gesetz vun 1999 huet der 900 virgesinn. Dat heescht, mir këinten eigentlech scho vill méi wäit sinn. Et louch net um Gesetz.

Haut stëmme mer e Gesetz, dat der 1.102 erlaabt, also bal dat Duebelt vun deem, wat mer bis ewell hunn. Ech mengen, all Mënsch ass sech jo bewosst, dass et net an engem Joer méiglech ass, 500 Kilometer nei Weeër ze bauen. Mee et wier awer eiser Meenung no wierklech net ze verrieden, wa mer nach eng Kéier 20 Joer heifir bräichten, fir déi reschtlech Kilometeren ze bauen. Well soss, dat schéngt mer evident, wäert Lëtzebuerg eeben ni dat Vëlosland ginn, wat mer wëlle sinn.

Dëst gesot, géif ech lech den Accord ginn an ech géif ganz gären och dem Rapporteur villmools Merci soen - och e begeescherte Vëlosfuerer iwwerengs, net nëmmen am schéine Wieder -, villmools Merci soe fir seng zwee Rapporten, souwuel dee schrëftleche wéi och dee mëndlechen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hahn. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Yves Cruchten ageschriwwen. Här Cruchten, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Villmools Merci, Här President. Villmools Merci och Här Back fir Äre gudden Rapport, fir deen ech lech wëilt felicitéieren. Et huet ee risegen Advantage, wann een hei als Véierte ka schwätzen iwwer esou e Projet, dann ass nämlech scho bal alles gesot. Ech hunn op jidde Fall meng Ried hei zu zwee Drëtzel zesummegestrach. Ech hoffen, dass elo nach iergendwou e roude Fueдем ass, well ech probéieren, esou mann wéi méiglech ze widderhuele vun deem, wat souwuel den Här Wilmes, den Här Hahn an och den Här Back scho gesot hunn. Dofir verzeit mer, Kollegen. Ech ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mir verzeien lech.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här Gibéryen. Dat ass léif.

Just awer fir ze soen, dass de Vëlo eeben e proppert Fortbewegungsmittel ass, dat zu deem kee Kaméidi mécht, flexibel ass an op de klengen Distanzen dacks méi séier ass wéi den Auto.

Mam Gesetz vun 2015 gouf den Ausbau an och d’Vernetzung vun alle Vëlosweeër zu engem nationale Réseau festgeluecht. Esou gouf déi infrastrukturell Basis geluecht, fir d’Leit dozou ze animéieren, virun allem bei kuerzen Distanzen méi op de Vëlo zréckzegräifen. Besonnesch am Beräich vun de kuerzen Trajeten - déi faméis bis zu dräi Kilometer - besteet wierklech nach enormt Potenzial, fir d’Notzung vum Vëlo ze steigern an domadder den Undeel vun der Mobilité douce un all eisen Displacements ze verbessern.

Well méi wéi 40 % vun alle Weeër, déi mer haut mam Auto zréckleeën, hu manner ewéi déi ugeschwaten dräi Kilometer. Den Usaz vun 2015 gëtt mat deem Gesetzesprojet vun haut net nëmme weidergefouert, mee och nach verstärkt. Deen neien Text ass eng direkt Konsequenz vun der Strategie fir eng nohalteg Mobilité, MoDu 2.0, déi 2018 vun der Regierung ugeholl gouf.

Ech wëll e puer Zeile just rappeléieren. De MoDu 2.0 gesäit vir, bis 2025 den Undeel vun den Trajete vun der Aarbecht op de Wunnuert oder vum Wunnuert op d’Aarbecht, déi manner wéi fënnf Kilometer ausmaachen a mam Vëlo zréckgeluecht ginn, vu 5 % am Joer 2017 op 10 % ze steigern.

Ewéi de Roger Negri deemools beim Gesetz 2015 schonn ënnerstrach huet, ass d’Hauptkonditioun, déi et fir eis als LSAP ze erfëlle gëllt, d’Sécherheet vum Vëlosfuerer ze garantéieren. An dat geet eeben am beschten, wann een net oder esou mann wéi méiglech a Konflikt mam Autosverkéier kënnt, also wann de Vëlo en eegene Wee, oder anescht op Franséisch en site protégé, op getrennte Vëlospisten also fuere kann, dat souwuel iwwer Land wéi och an der

Stad. Dat gëllt deemno fir eis nach ëmmer. A mat deem neie Gesetz gëtt d’Streckennetz fir den Drotiesel nieft dem Ausbau an der Verdichtung och nach weider securiséiert.

En exemplarescht Beispill vu sécher Vëlospisten ass natierlech Kopenhagen. Am Zentrum selwer vun der dänesch Hauptstadt hu Vëloen hir eege Pist, déi mat enger Bordür vun der Strooss fir d’Autoe getrennt ass a wou duerch e puer Zentimeter Héichtenënnerschied déi verschidde Beräicher vunenee getrennt ginn. Dës innovativ Infrastruktur dréit méttlerweil um internationalen Niveau den Numm „Copenhagen lane“.

Dass als Modell dacks Kopenhagen zitéiert gëtt, huet ganz vill mat der jorelaanger exemplarescher Planungsarbecht vum Urbanist Jan Gehl ze dinn. De méttlerweil 83-järegen ass et, deen haaptsächlech dofir verantwortlech ass, dass Kopenhagen an net allze laanger Zäit zu deem ginn ass, wat et haut ass, nämlech eng vun deene liewenswäerteste Stied weltwäit. A verschidde internationale Klassementer vun de Wuelfillstied placéiert sech Kopenhagen ëmmer als Éischten.

Kopenhage war och ni während deenen Aarbechte paralyséiert, well den Émbau permanent a konsequent war an d’Leit och den Notzen, de Méi u Liewensqualitéit ëmmer erëm konkret virgefouert kruten. D’Beispill Kopenhage mat sengem Émland weist, dass et net nëmmen duergeet, vun de Leit ze verlaangen, einfach op de Vëlo ëmzeklappen, et muss ee fir d’Éischt déi néideg Infrastrukturen dofir schafen. An et muss een d’Berger vun der Saach, vun der Plus-value vun der Saach iwwerzeegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a Saache Mobilité douce ass hei am Land virun allem an eiser Hauptstadt an deene leschte Joren an där Hisiicht scho ganz vill geschitt, fir de Vëlo an de Foussgänger weider ze promouvéieren. Dat däerf ee roueg eng Kéier ënnersträichen. Ech mengen, de Vëlolocationssystem wier e Succès. A säit Kuerzem gëtt et deen och mat E-Biken.

De Beweis ass, dass d’Zuel vu Vëlosfuerer ëmmer méi zouhëlt. Den elektresch ënnerstëtzt Vëlo erméiglecht haut a muer och méi Leit ewéi soss, de Vëlo ze huelen. An och déi sëllege Staue respektiv Chantieren hei am Land hu bestëmmt schonn deen een oder deen aneren doriwwer nodenke gelooss, den eegenen Auto méi dacks stoen ze loosse an op den ëffentlechen Transport ëmzeklappen oder eeben, firwat net fir déi kuerz Strecken, op de Vëlo ëmzeklappen.

Positiv gesi mir als LSAP déi nei Strecken tëschent Esch an eiser Hauptstadt oder tëschent Beetebuerg an eiser Hauptstadt. An och, dass mat deem neie Gesetz zousätzlech 83 Kilometer nei Vëlosweeër geschaf ginn.

Wichtig ass och, dass mer d’Kompetenz respektiv d’Obligatiounen tëschent Staat a Gemengen, wat de Bau, den Énnerhalt an d’Beschëlderung vum nationale Vëlosnetzreseau ugeet, kloer reegelen. Eenzege Bemoll bei deene ganze Projeten ass, wann een dat kann esou soen, dass déi praktesch Émsetzung awer hir Zäit, ganz dacks ganz laang Zäit brauch.

Et ass dofir immens wichtig, direkt vun Ufank un de Berger Sënn an Zweck vun de verschiddeenen Initiativen beschtméiglech ze erklären. Vläch kann de Minister eis hei nach e puer Zuelen nennen, wéi vill Kilometer Vëlosweeër op den Dag vun haut autoriséiert goufe respektiv wéi vill der nach an der Émsetzungsphas sinn.

Um Enn wëlt ech nach soen, dass vläch, wann een dëse Projet virun 20, 25 Joer virgestallt hätt, deen een oder deen aneren hei am Land gelaacht hätt. Warscheinlech hätten déi allermannsten deemools dru gegleeft, dass de Vëlo e gläichberechtegt Verkéiersmittel kéint ginn. Ech mengen awer, dass haut kaum nach ee laacht. Déi zum Deel katastrophen Situation op eise Stroossen, déi mer haut kennen, zwéngt eis dozou, Alternativen ze sichen zum Individualverkéier. Well och all déi Efforten, déi den Ament gemaach ginn am Stroossebau, wäerten eis net kuerzfristeg Entlaaschtung schafen. Dofir ënnerstëtzt d’LSAP all Moosnamen, déi kënnen dozou bäidroen, eis Mobilité insgesamt ze verbessern. An aus deem Grund kann ech d’Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun ginn.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Cruchten. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d’Wuert.

► **Mme Chantal Gary (déi gréng).** - Här President, Här Minister, léif Kolleginnen a Kollegen, d’Vëloverkéierspolitik hat jorelaang nëmmen e minimale politeschen a prakteschen

Stellwäert. Laang huet d’Politik d’Pertinenz an d’Potenzial vum Vëlo net wierklech verstan. Wa Suen an Zäit iwwreg waren, da gouf och alt eppes fir de Vëlo gemaach. Esou oder esou änlech war et laang hei am Land. Dat huet sech awer glécklecherweis an de leschte Jore staark geännert. De Code de la route gouf ugepasst, d’Efforte fir d’Promotioun vum Vëlo als Transportmittel awer och als Tourismus goufe verstärkt, de Vëlo krut am Ministère en neie Stellwäert an eng eege Planungscellule, de Budget an dësem Beräich goung staark erop, d’gesetzlech Basis fir de Vëlospisteseau gouf grondsätzlech iwwerschafft, mBoxe fir séichert Vëlosparken op de Garé goufen agefouert a Subside fir de Kaf vu Vëloen a Pedelecs decidéiert, fir nëmmen e puer Aspekter ze nennen.

An haut de Mëtte si mer hei am Haus mat engem weidere wichtege Baustee vun der Vëloverkéierspolitik befaasst. Mat enger Upassung vum Vëlospistegesetz vun 2015 solle Staat a Gemengen um Terrain méi séier a méi effikass kënnen mam Bau a mat der Vernetzung vun de staatlechen an de kommunale Vëlospiste virukommen.

Dës Regierung an och schonn déi lescht hu massiv an nei an dréngend noutwendeg Verkéiersinfrastrukturen investéiert. D’Zil vun dëse ville Projeten ass a war ëmmer dat nämlech: Si gi gebaut, fir datt an Zukunft méiglech vill Leit de Choix hunn, den Auto doheem ze loosse. Et geet drëms, de jorelaange Réckstand opzehuelen an doriwwer eraus mat enger bequemer a sécherer Infrastrukturen déi entsprechend Dynamik an Demande bei de Leit ze verstärken. De Vëlo ass nämlech scho laang net méi just eng Fräizäitbeschäftigung.

All Etüde ronderëm de Vëlo, net just zu Lëtzebuerg, weisen, datt d’Mënsche virun allem da bereet sinn, op de Vëlo ëmzeklappen, wa se dësen Displacement als sécher ugesinn. Wat bedeit, datt mer deemno méiglech vill geséichert Vëlospiste brauchen.

Hei erlabeen ech mer, eis aktuell Fraktiounspresidentin beim Debat de consultation fir d’Mobilité am Abrëll 2018 ze zitéieren. „Obscho mir praktesch déi autoräichst Natioun sinn, hu mir nach méi Vëloen am Land wéi Autoen. Just, se stinn am Keller. Dat ass de Problem. Et ass also wichtig a richtig, de securiséierte Vëlosreseau auszubauen an d’Gemengen duerch eng gutt Berodung mat an d’Boot ze huelen.“

A genee dorëms geet et haut beim virleiende Gesetzesprojet. Un dëser Stell dann och e grouse Merci un de Rapporteur fir seng spannend Presentatioun vum Projet de loi an déi spannend Anekdote iwwert de Circuit des ...

(**Brouhaha**)

... iwwert de Circuit des champs de bataille vun 1919.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Loosst lech net stéieren!

► **Mme Chantal Gary (déi gréng).** - De Vëlo selwer allerdéngs ass nach e Krack méi al. 202 Joer feiert en dëst Joer. A genau wéi all eis aner Verkéiersmëttelen och huet en eng enorm Entwécklung hannert sech, an dat net just vum Ausgesinn hier, mee och vum Stellwäert an eiser Gesellschaft. D’Gebuert vum Vëlo ass eng grouss Innovatioun, e Symbol vu Fortschritt an huet e Gefill vu Fräiheet a vu Flexibilitéit mat sech bruecht. Allerdéngs huet sech d’Verkéiersplanung iwwert déi lescht Joerzéngte vill ze laang just op den Auto als wichtegst Transportmittel fokusséiert an all d’Amenagementer vum Mobilitéitsreseau waren deementsprechend och just op den Auto ausgerichtet.

Ech hunn elo grad schonn erwänt, Lëtzebuerg ass Spëtzereder an der EU, wat d’Zuel vun de meeschten Autoen pro Kapp ugeet. Just hu mir iwwerhaupt keng Plaz an eisen Dierfer an an eise Stied, fir dës ëmmer weider wuessend Unzuel un Autoen iwwerhaupt fléissend am Stroosseverkéier ënnerzekeréieren. Oder, anescht ausgedréckt: Wa jiddweree mam Auto fiert, da fiert kee méi, well da sti mer just nach.

Duerfir ass et esou wichtig a spannend, déi Fräiheet a Flexibilitéit, déi de Vëlo eis scho virun 200 Joer garantéiert huet, nees kennenzéieren an zréckzegewannen. An esou ass de Vëlo och nees amgaangen, ëmmer méi un Attraktivitéit ze gewannen.

Mee nieft dem Plazgewënn op de Stroossen an der Flexibilitéit bréngt de Vëlo nach vill méi mat sech. Am Verglach zum Auto ass de Vëlo en immens gönschtegt Transportmittel an ass op kuerz Distanzen och oft dat méi séiert Transportmittel. An am Géigesaz zum motoriséierte Verkéier ass d’Vëlofuere sougutt wéi CO₂-neutral, mécht kaum Kaméidi a provoziert kee Stau.

An et muss een och net ëmmer deen neiste Vëlo kafen. Et huet een hautdesdaags och zu Lëtzebuerg ëmmer méi d’Méiglechkeet, op Second-hand-Vëloen zréckzegräifen. An deem Kontext sinn och Initiative wéi d’Organisation

vu lokale Second-hand-Vëlosmäert a virun allem vu Repair-Caféen immens luewenswäert an och fërdermswäert.

► **Une voix.** - Très bien !

► **Mme Chantal Gary (déi gréng).** - Duerch d’Amenagement, déi an de leschte Joren ëmgesat goufen an och nach weider en vue sinn, grad op Basis vun deem haitege Gesetzesprojet, entsti ganz nei Méiglechkeete fir d’Leit, fir de Vëlo an hirem Alldag ze integréieren an als intermodaalt Transportmittel wouerzehuelen. Et muss ee jo och net dee ganze Wee mam Vëlo fueren, mee et muss méiglech sinn, de Vëlo mat anere Verkéiersmëttelen ze kombinéieren, wéi zum Beispill mam Zuch. An do gëtt dru geschafft. Déi nei Zich vun den CFL hunn net just méi ee Vëloskompartiment, mee eng ganz Rétsch dovunner.

A wéi de Rapporteur elo just gesot huet: E groussen Novum ass ënner anerem d’Entwécklung vun den Expressvëlospisten. Nieft der Sécherheet ass deen zweete wichtege Aspekt fir d’Attraktivitéit vum Vëlo nämlech d’Schnellegkeet vum Trajet. Do ass d’Afiere vun Expressvëlospiste sécherlech e wichtege Bausteen.

A wéi schonn am MoDu 2.0 beschriwwen, ass nieft dem Staat, de Gemengen an dem Berger och den Employeur e ganz wichtege Acteur, dee seng Responsabilitéiten ze iwwerhuelen huet. Fir senger Mataarbechter also effektiv eng méi duuss respektiv eng aktiv Mobilitéit méi attraktiv ze maachen, sinn Duschen op der Aarbechtsplaz essenziell. Da misste geséichert Vëlosparkplazen zur Verfügung stoen oder och e Vëlofuerpark, wou Vëloen disponibel sinn, fir op seng Rendez-vousen ze fueren. A fir nach méi wäit ze goen, kéint den Employeur senger Mataarbechter och nach geziilt Ureizer ginn, wann ee mam Vëlo op d’Schaff kënnt.

An da wëll ech nach op e ganz aneren Aspekt vum Vëlofueren agoen. Vëlofuere mécht Freed! Dat gesäit een an all Kandgesiicht, dat mam Vëlo doruechter fiert. Mee och eeler Leit oder och manner sportlech Leit hunn duerch nei Technologien hautdesdaags d’Méiglechkeet, sech mam Vëlo weiderzebeweegen. Duerch Pedelecs oder och déi méi schnell E-Bikes hu se d’Méiglechkeet, sech ouni ze grouss Ustrennung trotzdeem selwer ze beweegen an esou a Form ze bleiwen, sief et, fir bei sech am Duerf hir Kommissiounen ze maachen oder einfach en Tour duerch d’frësch Loft ze fueren. An och dat mécht ëmsou méi Freed, wann een op engem sécheren a bequeme Wee fuere kann.

D’Vëlofuere bréngt och eng gewëssen Entschleunigung vun eise dach heiansdo ze stressegem Alldag mat sech. Et hëlt ee seng Émwelt nees méi wouer, genéisst d’Landschaft, otemt frësch Loft an. A wann een et als sportlech Aktivitéit bedreift, da léiert een och sech selwer, seng eege Grenzen erëm ganz anescht kennen, wësst iwwer sech eraus an erlieft e Fräiheitsgefühl.

Nieft dem Vëlo als Transportmittel oder als sportlech Aktivitéit dierf een awer och den touristesche Facteur net vergiessen, wou mir selwer natierlech och Tourist an eise schéine Land kënnen sinn. Eisen Osten ass beispillsweis fir Vëlosfuerer immens ofwiesungsraich. Et kann ee kilometerwäit laanscht d’Musel oder d’Sauer flaach fueren an d’Landschaft genéissen. Et kann een awer och duerch déi géi Wéngerte fueren an duerch léif kleng Dierfer hannert de Koppe vun der Musel an esou d’Regioun nees nei entdecken.

Vu datt de Vëlo nach oft just als e Fräizäitmittel an net als vollwäertegt Transportmittel ugesi gëtt, entsti leider nach oft Konflikter tëschent dem Vëlofuerer an dem Automobilist. Eenzel Autofuerer si leider ëmmer nach der Meenung, datt de Vëlo näischt op der Strooss verluer hätt, an natierlech och ëmgedrëit sinn d’Vëlosfuerer net allegueren Engelen. Duerfir ass et immens wichtig, weider Sensibiliséierungscampagnen ze lancéieren, wou de Respekt tëschent dem Automobilist an dem Vëlosfuerer am Vierdergrond steet.

An da kommen ech zu mengem leschte Punkt. Och an de Schoulen, an de Grondschoulen, am Lycée an och an der Farschoul sollen eis Kanner a Jugendlecher iwwert d’Virdeeler an d’Méiglechkeete vum Vëlo opgeklärt ginn. Besonnesch d’Coupe scolaire fir d’Kanner aus dem Cycle 4 ass een Element, dat een net ënnerschätze sollt an dat u sech nach vill méi e grouse Stellwäert verdéngt hätt.

An dann nach e flott Beispill vun eisen hollänneschen Kollegen: Hei kritt een an der Farschoul den hollänneschen Grëff geléiert. Dat heescht, datt een als Autofuerer, wann ee geparkt huet, seng Dier ëmmer mat der rietser an



net mat der lénker Hand opmécht, well een esou automatesch de Kapp dréit a gesäit, ob net grad e Vëlosfuerer um Laanschtueren ass.

Mir brauchen e Mentalitéitswiessel an de Käpp an eng grondleeënd Verkéierswandel um Terrain, net just aus Émwelt- a Klimaschutzgrënn, mee, wéi ech grad opgezielt hunn, och aus Gesondheitsgrënn, aus Mobilitéitsgrënn a generell aus Grënn vu Liewensqualitéit. An dësse Mentalitéitswiessel ass och glécklecherweis schonn amgaangen.

Mir Gréng, mir begrëissen deemno dësse Projet de loi, well en eng wichteg qualitativ Nobesserung vum Gesetz vum Abrëll 2015 a puncto Verbesserung vun der Sécherheet, dem Confort an der Vernetzung vun de Vëloinfrastrukture mat sech bréngt. Duerfir ginn ech och heimatdier den Accord vun der grénger Fraktioun an ech soe villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Gary. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, ech mengen, dat meescht ass schonns beliicht ginn. Ech wëll mech duerfir op e puer Punkte beschränken.

Ech wëll awer nach dem Rapport, dem Här Carlo Back, en härezeche Merci soe fir säi schréfftlechen a mündleche Rapport. En huet en Ausbléck gemaach op d'Vëlo vum 1919, wivill datt der deemools do mam Vëlo gefaucht sinn. Ech wëll em awer dobäi mat op de Wee ginn: Déizäit waren d'Autoen esou rar wéi d'wäiss Mais!

(Hilarité)

An doduerjer haten d'Leit, war dat eenzeg Fortbewegungsmittel nun eemol déi Zäit de Vëlo. An ech mengen, dat muss awer och an deem Kontext richtegerweis duergestallt ginn. Bon! Awer näischt fir ongutt!

Dat éischt Gesetz zum nationalen Netz vun de Vëlosweeër stamt aus dem Joer 1999. Den Objektiv deemools war nach haaptsächlech baséierend op dem Vëlossport an op dem touristesche Beräich. Et waren deemools ronn 950 Kilometer geplangt gewiescht. 250 dovunner waren ewell zu där Zäit do an 320 Kilometer goufen op Basis vun dësem Gesetz bis zum Joer 2015 gebaut oder realiséiert. Dat ass eng Saach a 15 Joer vun Ëmsetzung vu ronn 60 % vun dësem Gesetz, wann een déi 280 Kilometer, déi ewell gebaut waren, mat arechent. Soss wären et der nëmmen 30 %.

Dat zweet Gesetz zum nationalen Netz vun de Vëlosweeër stamt aus dem Joer 2015 an et gouf scho méi enk gestréckt mat der Zäitsetzung, fir och déi kuerz Strecke mat eranzehuelen. Dat wëllt soen, fir eng Méiglechkeet ze maachen, fir et doran all Dag méi attraktiv ze maachen an ze benotzen.

Mat dësem Gesetz vun haut baue mer dësse Réseau am grouse Kader nach weider aus iwwert d'ganz Land mat 38 grouse Basispisten. An et soll do derbäi och nach interessant bleiwe fir déi kuerz Strecke bis fénnef Kilometer. Mir bauen et elo aus op ronn 1.100 Kilometer, wou der elo ewell ronn 600 Kilometer an der Offert sinn. Mee et muss een awer och wëssen, datt dës grouss Pisten uechter d'Land fir déi mannste Leit géiegent si fir hire Wee op d'Aarbecht oder fir eenzel Besuegungen oder ronderëm an d'Schoul. Am stättesche Raum kann dat deels anescht sinn.

Och an den Ae vun der ADR soll de Vëlo weider gefërdert ginn. Wa schonn eng Vëloinfrastruktur geschaf gëtt, dann awer richtig. Dat heescht, och op de Kräizunge muss deem Rechnung gedroe ginn, an d'Trottoiren an d'Vëlo sollen och getrennt ginn. Et bréngt näischt, wa Vëlosfuerer a Foussgänger sech op den Trottoire begéinen an hin- an hiersprangen.

Do derniewent wär et ze recommandéieren, fir ze iwwerpräiwen, datt déi geféierlech Saachen, déi fir d'Vëlosfuerer existéieren, wéi zum Beispill datt d'Vëloen däreft géint d'Faartrichtung a Stroossen eraufueren, onbedéngt mussen eliminéiert ginn. Et gëtt der hei riets a lénks, ech hunn der nach de Mëttag eng gesinn, an ech mengen, och dat muss gemaach ginn, fir datt et méi sécher gëtt. Ech mengen, mir hu vill Schëlter doruechter stoen, a wann een op all Schëld muss oppassen, da vergësst ee séier dat eent oder dat anert.

Zum Gesetz aus dem Joer 2015 hat d'ADR gesot, datt et muss am Vëlosnetz ee Gesamtkonzept ginn. A mat dësem Gesetz vun haut gëtt

deem elo weesentlech Rechnung gedroen. Zousätzlech sinn och mat deem Gesetz déi eenzel Kompetenzen tëschent Staat a Gemenge méi kloer definéiert, wat ze begrëissen ass. An et gëtt ee Leitfaden, fir spéider mateneen ze schaffen.

Do derbäi si mer als ADR der Opfaassung, datt bei all neiem Projet oder gréisseren Erneuerungen am Stroossebau eng Vëlospist oder -wee misst mat ageplangt ginn. Dës erméiglecht, datt déi eenzel Emprise kënnen direkt geholl ginn an dës an engem Gesamtkontext vun der Stroosenerneuerung, fir net nach mussen spéider nei Piste bäizebauen. An et hätt och dee Virdeel vun der Verkéierssécherheet, datt op deene Stroossen, wou d'Vëlosfuerer sech begéine mat den Autoen, da schonn deem ewech wieren (veuillez lire : d'Vekéierssécherheet ewell direkt erhéicht gëtt).

An dann nach en Aspekt, deen den Ausbau vu Vëlospisten ënnermauert. Duerch dee stramme Wuesstum, dee mer déi lescht Joren hunn, kommen ëmmer méi Gefierer op eis Stroossen. A mat dëse Vëlosweeër erreeche mer och eng Erhéijung vun der Verkéierssécherheet doduerjer, datt mer versichen, méiglechst vill Vëlo vum normale Stroossen erföhuelen an op d'Vëlospisten ze guidéieren. Well, Autoen a Camionen an zugläich Vëloen op enger eenzeger Strooss, do ass d'Geforepotenzial héich, dat mer duerch esou Moosname kënnen awer entkräften.

Dës bedéngt awer och, an dat soll een och roueg soen, datt do, wou Vëlosweeër sinn, dës och mussen vun de Vëlosfuerer genotzt ginn, soss hu mer näischt geschafft.

Bei dësem Projet de loi kann een och net gesinn, an duerfir géif ech den Här Minister froen, ob och do e Gesamtkäschtepunkt emol hei kéint virgedroe ginn, op wivill dee sech beleeft.

Mir wären awer och nach frou, fir Erklärungen ze kréien, wat den Zäitrame betrëfft. Mir haten elo gesinn, mer hu bal 20 Joer gebraucht fir 600 Kilometer. Wa mer elo nach eng Kéier 20 Joer brauche fir déi aner, ech mengen, do wier et och interessant ze wëssen, wéi den Zäitrame vun dëser Geschicht wier.

Wéi gesot, dës Vëlosweeër am nationalen Netz hu vill Virdeeler. Se gi prioritär genotzt op kuerze Strecke fir op d'Aarbecht oder an d'Schoul. Awer, an dat soll een och net verkenne, och am Beräich vun der Fräizäit a vum Tourismus kommen dës Vëlosweeër zum Droen. Do schloe mer am Fong geholl zwou Mécke mat enger Klapp.

Och wat d'Fräizäitgestaltung ubelaangt, ass et eng gutt Offert, an och fir eis Touristen ass et eng Beräicherung fir eist Land. An duerfir bréinge mer och d'Zoustëmmung zu dësem Projet vun der ADR.

Mee, loosst mer awer nach eng Schlussbemierkung zum Schluss! Dës alles bedéngt awer och, datt all dës Wanderweeër (veuillez lire: Vëlosweeër) mussen qualitativ an engem guden Zoustand gehale ginn, soss huet dee ganzen Invest net ganz vill wäert.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (d'Lein).** - Merci, Här President. Ech wäert mech e bësse méi kuerz faassen.

Et ass scho viles gesot ginn a viles begrëisst ginn zu dësem Projet de loi, dee mer och begrëissen an dee mer natierlech och wäerte matstëmmen.

Ech wäert keen Historique vum Vëlo maachen, well dee krute mer schonn op eng ganz interessant Aart a Weis erzielt. An et ass awer och ëmmer interessant ze gesinn, datt oft d'Vëlofueren als eng Neierung heiansdo esou duergestallt gëtt, obwuel et virun emol kengen 100 Joer, viru 50 Joer eng Normalitéit war an den Auto keng Normalitéit war.

Genausou wéi och d'Fräiheet vum Foussgänger, op der Place publique ze trëppelen, sief et um Trottoir a souguer op der Strooss, datt déi geséichert war an datt hien eng Prioritéit hat virum Auto. An datt u sech de Foussgänger huet misse virum Auto wäichen, well ëmmer méi Zirkulatioun an ëmmer méi Autoe komm sinn. D'Foussgänger an d'Vëlosfuerer hu misse wäichen, well Accidenter geschitt sinn. An d'Accidenter, déi déidlech Accidenter si jo duerch d'Autoe geschitt an net duerch d'Foussgänger oder d'Vëlosfuerer.

An u sech hunn d'Vëlosfuerer an d'Foussgänger vill Plaz verluer op der Place publique, a Wierklechkeet, historesch gesinn. Et ass schonn eng interessant Saach. Ech ginn dovunner aus, datt

an der Zukunft déi Place publique erëm vun de Foussgänger an de Vëlosfuerer zrëckerovert wäert ginn. Esou oder esou wäert et geschéien. Iergendwéi maache mer et fräiwëlleg oder mir ginn dozou gezwongen.

Mir begrëissen dee Projet de loi natierlech, well en awer d'Kompetenzen tëschent Staat a Gemenge wierklech och klarifizéiert a verbessert. Mir wëssen, datt zu Lëtzebuerg déi Projeten, soubal et ëm d'Zirkulatioun geet, ëm Travaux publics geet, datt se ëmmer kënnen ganz schweierfällg sinn a ganz laang, ganz laang daueren.

Et wäert och zu reelle Verbesserungen um Terrain kommen. Bon! Mir wëssen, datt mer awer nach weiderhi keen Echeancier hunn, zum Beispill och, wat d'Piste express fir bis op Esch ugeet, datt dat normalerweis fir 2035 geplangt ass. Et geet een dovunner aus, datt dann och d'Pist ...

(**Interruption par M. le Ministre François Bausch**)

Ech weess net, also vläicht gëtt et méi kuerz ...

(**Interruption par M. le Ministre François Bausch**)

Ech hoffen, jo. Ech ginn dovunner aus. Voilà!

Mee dat sinn u sech awer normalerweis ëmmer esou Zäitramen, déi ee bis elo ëmmer gewinnt ass hei zu Lëtzebuerg, datt ee wierklech immens laang Zäit brauch, fir eeben esou Aarbechten ze maachen a fir esou Pisten ze inauguréieren.

Duerno stellt sech allgemeng d'Fro, also et winnt ee sech jo ëmmer méi drun, datt ëmmer méi Leit mam Vëlo fueren, well et awer vill positiv Aspekter mat sech bréngt. Dat heescht jo och, datt d'Autofuerer lues a lues och nei Reflexer mussen kréien an och kréien an ëmmer méi oppassen. Et funktionéiert awer bäi Wäitem net ëmmer esou richtig. Ech si jo och selwer Autofuerer an ech muss mech och, ech si kee Rowdy a Wierklechkeet, mee ech muss mech awer och heiansdo drun ...

(**Interruption**)

Dach, ech si kee Rowdy! Hie kuckt hei.

Et muss een heiansdo oppassen.

D'Fro, déi ee sech ëmmer stellt, och bei Vëlospisten, dat ass och d'Sécherheet. Well egal wéi, et kann een natierlech soen: D'Autofuerer solle sech och de Vëlosfuerer upassen a sollen hire Comportement änneren. Dat ass richtig. Mee et geet duer, datt et eng Kéier net duergeet an de Vëlosfuerer ass de Verlëierer. Dat heescht, Sécherheeten, och esou - wéi seet een? -, esou kleng, elo hunn ech d'Wuert vergiess, esou kleng Mauere laanscht d'Pisten oder Ofgrenzung misste sech vläicht warscheinlech och nach generaliséieren, quitte datt dat op gewesene Plazen heiansdo och problematesch ka sinn. Voilà!

Mee ceci étant dit, wäerte mer natierlech dee Projet de loi matstëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Här President, mat dësem Gesetzesvorschlag sollen d'Vëlospiste bei eis am Land op Vordermann bruecht ginn. Et wär jo unzehuelen, dass, wann eis Stroosse fir d'Vëloen an der Rei sinn, dann och méi Leit vun hirem Auto op de Vëlo ëmklammen.

Dat ass e Punkt, deen een awer eigentlech bezweifelen kann. Kuckt lech emol de Chaos mat de Vëlospisten aktuell un! Wann een et bis an d'Hauptstad gepackt huet, jo, do setze sech dann d'Vëlosfuerer all Dag engem enorme Risiko op de Stroossen aus. Nom MoDu 2.0 fueren aktuell 55 % vun den Awunner mam Vëlo. No der Analys vum MoDu mécht et duerchaus Sënn, wann ee fir déi Leit d'Vëlosweeër esou ausbaut, dass si mam Vëlo op d'Aarbecht oder an d'Schoul kënnen fueren. Et ass evident, dass doduerch och d'Klimabilanz vum Transportsektor ëm viles verbessert gëtt, wat méi Leit mam Vëlo fueren.

D'Saach ass awer och déi, dass Lëtzebuerg déi héchsten Autoquot a ganz Europa huet. Den Auto huet einfach de Virdeel, dass ee bequiem op A eraklappen an op B erausklappen kann. Zwar muss ee moies an owes dofir am Stau stoen, mee vill Leit sinn trotzdeem all Dag bereet, dat op sech ze huelen, well am Auto gi si net naass an et gëtt hinnen och net kal.

D'Pirate sti fir eng nohaltg Émweltpolitik. Mir sinn och averstanen, dass dofir méi Leit op de Vëlo sollen ëmklammen. Mee mir erwaarden eis dann awer och, dass d'Leit, déi sech deen Effort dann undinn, belount solle ginn.

Hei stelle sech dann och verschidden technesch Froen: Wäerten d'Vëlosweeër am Wanter

och moies fréi gestreet ginn, ier d'Leit erausfueren? Wäerten d'Vëlosweeër an Zukunft strukturell vun de Stroossen ofgetrennt ginn, fir d'Sécherheet ze garantéieren? Well eppes muss kloer sinn: Mir wäerten net méi Leit op de Vëlo kréien, wann de Risiko vun engem Accident um Vëlo héich bleift!

Amplaz d'Autofuerer ze bestrofen a si esou op en ëffentlechen Transport ze lenken, soll een d'Leit belounen, wa si mam Zuch fueren oder de Vëlo huelen. De gratis ëffentlechen Transport, dee mir säit eiser Grënnung fuerderen, gëtt elo endlech eng Realitéit an ass fir eis schonn emol den éischte Schrëtt an déi Richtung. Mee, dat Ganzt kéint, muss nach weidergoen!

Firwat gëtt et a villen ëffentlechen Aariichtungen oder an de Gemengen nach ëmmer keen Tele-travail ee- bis zweemol d'Woch? Firwat geet d'Schoul ëmmer nach um Punkt aacht Auer un, amplaz versaten Horairen ze schafen? Firwat net d'Entreprises emol belounen, wa se d'Aarbechtsbedéngunge schafen, dass hir Leit kënnen mam Vëlo op d'Schaff kommen?

Dir gesitt, mir müssen nach vill Ureizer schafen. Wa mir bereet sinn, 252 Milliounen Euro fir eise Vëlosréseau an de Grapp ze huelen, da muss dësse Réseau en Argument sinn, fir vum warmen Autossätz op de Guidon ëmzeklappen.

Mam Bléck op d'Paräisser Klimaofkommen an d'Émweltziler vu Lëtzebuerg si mir Piraten awer méi wéi bereet, dësse Projet matzedroen an och de Vëlosfuerer hei am Land e méi agreabelen Trajet bereetstellen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. De Mobilitéits- an Infrastrukturminister François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. An och Merci allen Deputéierte fir hir Interventiounen. An ech muss soen, dat gefält mer ganz gutt, datt dat Gesetz hei 60 Stëmme kritt, esou wéi dat jo elo ugekënnegt ginn ass. An ech wëll derbäisoen: Dat war och historesch net ëmmer esou. An et ass nach net laang hier, wou ech Situatiounen erlieft hunn, wou, wann et ëm de Vëlo gaang ass, nawell zimmlech kontrovers diskutéiert ginn ass.

Ech erënnere mech drun, wéi ech nach als Schaffener an der Stad Lëtzebuerg 2005 ugefaangen hunn, wat ech do hu misse Schluechte schloen, also politesch Schluechte selbstverständlech, keng aner, fir all Meter Vëlospist, dee mer wollte plangen a bauen. Well, wéi et scho vu verschiddenen, oder bal vun alle Riedner elo haut hei gesot ginn ass, wa mer Vëloinfrastrukture bauen a plangen, da geet dat bei neien Infrastrukturen, déi mer bauen, an do ass dat kee Problem, do plange mer se direkt an der Strooss mat dran. Mee bei besteeënden Infrastrukture geet et ëmmer op d'Käschte vun iergendengem aneren, da geet et op d'Käschte vu Parkplazen, et geet op de Raum vum Auto oder wat och ëmmer. An duerfir war dat an der Zäit, an dat ass nach net esou laang hier, ëmmer ganz kontrovers diskutéiert. Ech sinn duerfir extreem frou, datt haut esou e grouse Konsens besteet, fir de Vëlo ze fërderen an duerfir d'Gesetz och esou eng grouss Zoustëmmung kritt.

Et ass scho vu verschiddenen Deputéierte gefrot ginn: Wivill? Wou si mer haut drun? Wat geschitt an dëser Legislaturperiod? Ech kann lech soen: Am Moment si 35 Kilometer am Chantier, et si 65 Kilometer an der Geneemungsprozedur, also am Avant-projet, an et sinn 200 Kilometer an der Planung. Dat heescht, am Total sinn 300 Kilometer Vëlospist ënnerwee.

Elo ass et natierlech esou, ech wëll elo net hei euphoresch ginn, et wär jo schéin, wa mer dat géife packen, mee ech mengen net, datt mer et packen, an dëser Legislaturperiod déi 300 Kilometer ze bauen. Et ass awer esou, datt déi meescht, déi mer hei maachen, och net déi einfachst sinn, a virun allem sinn et awer ganz wichteger.

Ech wëll lech der nëmmen e puer opzielen. Dat ass vun Esch op de Belval. Mir hunn elo d'lescht Woch déi nei Bréck virgestallt, déi mer wäerte bauen. Dat ass déi gréisste Vëlosbréck an Europa, déi mer do wäerte bauen. E ganz flotten, spektakuläre Projet, deen och, mengen ech, fir d'Regioun vill wäert bréngen, souguer touristesch. Da vun Elwen op Clierf, dat ass e Stéck vun der Vennbahn. Dat interesséiert natierlech den Emile Eicher ganz staark. Ech hoffen, datt mer do relativ séier weiderkommen op där Pist, well déi ass extreem wichteg, aus villfältigen Himsichten, virun allem och touristeschen. Giewelsmille-Kautebaach am Eislek, och eng komplizéiert Streck, mee déi, mengen ech, fir de Vëlostourismus wichteg ass.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

An dann natierlech de Vëloexpresswee vun der Stad op Esch. Den Här Wagner huet vun 2035 geschwat, ech sinn do e bësse méi optimistisch. Ech wëll net behaupten, datt mer an deenen nächsten zwee, dräi Joer dat do wäerte bauen, mee ech ginn awer dervun aus, ech géif emol soen, mir hu jo virgesinn, datt den Tram op Féiz soll fuere bis 2027, 2028, loosse mer soen 2028, datt parallel dozou déi Vëlosstreck, den Expresswee bis 2026, 2027, 2028 bis op Esch awer da fäerdeg wär. Dat gëtt jo parallell gebaut zur Autobunn, déi jo ausgebaut gëtt op der Bande d'arrêt d'urgence fir de Covoiturage a fir de Bus, an do soll d'Velospist dann an engems matgeplangt ginn.

An da Contern–Sandweiler–Stad, och e komplizierten Deel, dee wichteg ass. Bon, dat sinn elo nëmmen déi ganz wichteg, déi ech opgezielt hunn. Ech kënnt awer nach eng ganz Rei anerer derbäizieleen. Also et ass vill um Lafen.

Mir hunn och déi Cellulë sougutt bei de Ponts et chaussées wéi am Ministère verstärkt. An ech wëll drop hiweisen, 2013, wéi ech ugefaangen hunn, do ass et weeder an der Stroossebauverwaltung nach am Ministère iergendeng Persoun ginn, déi sech spezifesch ëm de Vëlo bekëmmert huet. Haut hu mer eng Cellule, eng Divisioun souguer, an der Stroossebauverwaltung, déi sech drëms këmmert. A mir hunn am Ministère wierklech ganz staark age stellt, fir dorunner ze schaffen, soudatt mer hoffen, datt dat relativ séier wäert weidergoen.

An ech wëll och dem Här Wilmes soen: Ech géif mech schwéier hidden, fir mengem Frënd Claude Wiseler seng Meritte vum MoDu net wëllen unzeerkennen. Mee ech wëll him awer soen, zum Historique, einfach der Vollständigkeet halber, datt dat Gesetz, wat de Claude Wiseler 2013 gemaach huet, wat e gutt Gesetz war, e gudden Usaz war, awer e Schwaachpunkt hat. An de Schwaachpunkt war, datt den urbane Raum, also de Vëlo am Alldag, deemools net genuch berücksichtegt war, an datt mer dat dunn nogebessert hunn.

Dat heescht, d'Gesetz, wat 2015 gestëmmt ginn ass, dat ass dunn ënnert där neier Regierung staark nogebessert ginn. An dat ass e Paradigmewiessel, deen awer komm ass, datt mer wierklech eriwergeswicht si vum Vëlo an deem Gesetz, an där Vëlosgesetzgebung, zum Vëlo als Alldagsfortbewegungsmittel. Also, wéi gesot, dat huet näischt dermat ze dinn, datt ech d'Meritte vu vergaangene Ministeren net wëll unerkennen, mee just awer vollständigkeetshalber. Mee ech ginn dem Här Wilmes awer Recht, dat ass Moutarde après dîner. Dat interesséiert haut kee méi. Ech mengen, mir sollen no vir kucken. An et geet drëms, datt mer kucken, esou séier wéi méiglech déi Projeten, déi mer wëlle maachen, zesumme gemaach ze kréien.

Ech wëll him och soen, am Kader vun der Zesummenaarbecht mat de Gemengen, datt d'Zesummenaarbecht awer gutt leeft. Mat verschiddene Gemenge besser wéi mat aneren, mee dat huet awer villfälteg Grënn. Dat ass net ëmmer de Gemengen an och net ëmmer dem Staat seng Schold. Do gëtt et heiansdo ganz ënnerschiddlech Ursachen.

Wat mer awer elo wäerte maachen, dat ass virun allem, fir d'Situatioun ze vereinfachen, well wann ech zum Beispill d'Subsiden huelen, do gëtt et jo ënnerschiddlech Subsiden, déi ee ka kréien, wann ee Vëlospiste baut. Mir wëllen e Guichet unique schafen, wou dann de Mobilitéitsministère dran ass, den Tourismusministère vertruuden ass, d'ASTA an d'Ponts et chaussées, dat heescht, alleguerten d'Akteuren, déi och finanziell de Gemenge kënnen hëllefen, fir hir Vëlospisten an d'Rei, also dohinnerze kréien. Da gëtt et och méi einfach fir d'Gemen-

gen, fir sech iwwert dee Guichet unique do un all déi néideg Instanzen zesummen ze wenden.

Da wëll ech him och soen, datt dat Beispill vum PC1, wat en do erwänt huet - dat am Fong eng Vëlospist ass, déi et haut gëtt, duerfir heescht se jo och PC1 -, datt dat de Moment allerdéngs eng Bullisstreck duerch de Bam-bësch ass, an deelweis eng Pente vun 10 %, wou ee muss erofrennen iwwer Pawee. Also, et muss ee scho bal Tour-de-Flandres-Spezialist sinn, fir sech ze trauen, dat ze fueren. An am Endeffekt, dat, wat elo geschitt, ass näischt aneres, wéi datt déi Bullisstreck an eng Bëtonspist ëmgewandelt gëtt, e Rond-point securiséiert gëtt, an datt mer déi 10 % Pente evitéieren doduerjer, datt mer en anere Wee gesicht hunn, deen et awer och gëtt, eng Strooss, wou amplat 10 % nëmme 6 % Pente do ass. Wann duerfir do elo net extra consultéiert ginn ass, dann ass dat, well awer näischt besonnesch fir d'Gemeng direkt ze decidéieren ass. Mee am Allgemenge soll natierlech mat de Gemenge geschwat ginn.

An ech kann lech och versécheren, dat hunn ech och an der Kommissioun gesot: Ech si ganz, ganz flexibel, an dat hunn ech och menge Leit gesot. Mir wëlle jo d'Gemengen encouragéieren, datt se eppes maachen op hirem Territoire, sougutt d'Ubannung un d'PCE wéi awer och innerhalb vun de Gemengen. A wann et nëmme geet, si mer wierklech extreem flexibel, fir ze hëllefen, sougutt wat d'Subsiden ubelaangt, wéi och, wat logistesches oder aner Hëllefen, Consultationshëllefen, ubelaangt, fir datt eppes geschitt. Well mir hunn all en Interêt, datt net nëmmen déi national PCE séier weiderginn, mee och déi kommunal, well dat ass e wichteg Bindeglied an deem ganze Konzept, soss funktionéiert et herno net.

Wat mer nach wäerte maachen, dat ass, datt mer kucke fir déi nächst fënnf Joer. Ech hu virdru gesot, wat elo an der Planung ass an am Chantier ass. Mee warscheinlech wäerte mer och nach elo eng Prioriséierung setzen, well mir hu jo en Netz, a wann Der d'Kaarte kuckt, déi Der gewise kritt hat - an Dir hutt, mengen ech, jo all eng PowerPoint kritt gehat an der Kommissioun, d'Entwécklung vun eiem Vëlos-reseau bis haut -, da gesitt Der, datt mer eng grouss Schwächt hunn: Dat ass, datt et am ganze Land schonn iergendwou Piste gëtt, mee iwwerall gëtt et Stécker, déi feelen, soudatt mer prioritär eis konzentriieren op zwou Saachen déi nächst Joren. Dat eent sinn natierlech d'urban Zentren. An dat Zweet ass dann natierlech, am ländleche Raum ze kucken, wou Stécker feelen, fir déi also emol direkt zouzemaachen, déi Pisten, datt et continu Piste ginn, fir datt mer esou séier wéi méiglech vun Norden no Süden, vun Osten no Weste Verbindungen hunn, also Uschlëss hunn un déi grouss iwwergeuerdnet Reseauen, déi et awer gëtt.

Also, wéi gesot, dat ass d'Zilsetzung. Ech hoffen, datt mer et hëllefen. Mir hunn natierlech och an deem heiten Dossier, wéi a villen aneren, Konfliktsituatiounen, zemoos de Vëlo nach méi duerch schützenswäert Gebitter, Naturschutz an esou weider, fiert. Mir haten an der leschter Legislaturperiod en immens gudden Usaz ënner mengem leider verstuerwene Frënd Camille, deen en Aarbechtsgrupp zesumme-gesat hat, wou en alleguerten d'Akteuren zesummegeuerft hat, wou mer och Reegelen ausgeschafft hunn, a wou et eigentlech Solutiounen gëtt fir all Vëlospist. Duerfir dierft et am Fong keen Argument méi ginn, fir fir iergendee Belag ze soen: „Deen doten, dee wëlle mer net.“ Et gëtt am Fong fir all Situatioun e Belag. A mir wëllen dee Grupp elo erëm wierklech nei reaniméieren, fir datt d'Koordinatioun tëschent den eenzelne staatleche Verwaltungen an och deenen an de Gemengen erëm besser gëtt, fir

datt mer esou Konflikter, déi mer de Moment hunn, ob et um nationalen Niveau ass oder vun de Kommunen, wéi dem Här Lies säi Beispill, wat en och an der Kommissioun ginn huet, wat ech absolutt verstinn, datt mer déi méi séier geléist kréien. Ech mengen, dat ass wichteg, fir datt mer weiderkommen, datt déi tëschestaatlech a staatlech-kommunal Zesummenaarbecht méiglechst gutt funktionéiert.

Och dem Här Hahn wëll ech soen, datt déi Iddi vu Virfinanzement eng ass, déi mir eigentlech sympathesch ass. Mir mussen just oppassen - wat awer wichteg ass -, datt d'Reegele respektéiert ginn. Datt, wann eng Gemeng baut, datt se natierlech awer esou baut, datt et de Standarden entsprécht, zemoos, wann et eeben op enger Nationalstrooss ass, datt dat herno de Standarden entsprécht, déi op der Nationalstrooss do verlaangt si laut de Reegele vun de Ponts et chaussées. Duerfir, ech sinn, wéi gesot, net géint esou Léisungen, au contraire. Wann dat ka beschleunegen, soll een dee Wee goen. Mee da muss et awer ëmmer an enker Zesummenaarbecht geschéie mat der Stroossebauverwaltung, fir datt mer net Saache bauen, wou dann herno d'Stroossebauverwaltung seet: „Dat do entsprécht net de Sécherheetsstandarden, wéi et misst sinn op der staatlecher Strooss.“

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Härën, e grouse Merci fir déi breet Zoustëmmung.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Mobilitéits- an Infrastrukturminister François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7371

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7371. Den Text steet am Document parlementaire 7371⁶. D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'ëischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. Le compte est bon. De Projet de loi 7371 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg uegholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Ahmedova Semiray, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

16. 7364 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne

Eisen nächste Punkt vun eiem Ordre du jour ass de Projet de loi 7364, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Fluchverkéier. An ech géif direkt d'Wuert ginn un de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, jo, de Mëtteg schwätze mer iwwert de Projet de loi 7364 an do geet et ëm d'Modification de la loi modifiée vum 31. Januar 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne.

Ëm wat geet et hei genau, an deem Projet? Ma et geet drëm, eis Legislatioun unzepassen, wat d'Exploitation oder d'Bedreiwe vun engem Flughafen, Helikopterlandeplaz oder engem Terrain de vol betrëfft.

Ech wëll hei gläich betounen, dass de Findel, also eisen nationale Flughafen, net vun deemem Projet de loi betrëfft ass. Deen ass an därer Matière duerch eng spezifesch Gesetzgebung ofgedeckt.

Déi Adaptatiounen an deem erwäante Gesetz vum 31. Januar 1948 berouen op engem Avis vum Conseil d'État Nummer 51.983 zu engem Projet vun engem Règlement grand-ducal betreffend d'Exploitation vun engem Helikopterlandeplaz. An deem Avis constatéiert de Staatsrot, dass dës och fir kommerziell Zwecker kéinte benotzt ginn. Vu dass esou kommerziell Aktivitéiten duerch d'Constitutionn protegéiert ginn, Artikel 11 Paragraf 6, muss de Gesetzgeber een Artikel an déi betreffend Legislatioun aféieren, fir dëse Fall ofzedecken. Dëst gëtt dann déi néideg legal Basis zu deem betrëffende Règlement iwwer Helikopterlandeplazen.

Dëse Gesetzesprojet affektéiert dann och all aner Landeplaze fir Fligeren, Aerodromen an Terrain-de-volen, deenen hir Exploitation och vun esou enger kommerzieller Exploitation betrëfft ass.

Dëse Projet de loi détailléiert dann och, dass esou Terrainen eng Autorisation müssen hunn, vum Direkter vun der Aviation civile, wou dann ënner anerem eeben och d'Konditiounen vun därer Autorisation détailléiert ginn.

De Projet de loi ass de 4. Oktober 2018 deposéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis den 21. Dezember 2018 ofginn, mat enger Opposition formelle, déi legistescher Natur war. Technesch Exigence kënnen an engem Règlement net fixéiert ginn, mee müssen do preziséiert ginn.

D'Kommissioun huet déi dann och akzeptéiert. An der Sëtzung vum ...

► **Une voix.**- Et léiert een ëmmer bäi.

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- ... 14. November 2019 huet d'Kommissioun dann de Rapport zum Projet, deen hei virält, uegholl. An ech ginn och heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Back.

17. 7371 - Projet de loi modifiant :

1^o la loi du 28 avril 2015 relative au réseau cyclable national et aux raccordements de ce réseau vers les réseaux cyclables communaux ;

2^o la loi du 21 décembre 2009 relative au régime des permissions de voirie (suite)

Dispense du second vote constitutionnel

A virdrun hat ech, am Eifer des Gefechts, vergiess, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze froen.

De Projet vun de Vëlosweeër. Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel bei deem Projet?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

18. 7364 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne (suite)

An da komme mer zrëck bei de Projet de loi 7364. An ech ginn dann d'Wuert un den honorabelen Här Serge Wilmes.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- Ma Merci villmools, Här President. Ech soe Merci dem Rapporteur a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Hahn, wannechgelift.

► **M. Max Hahn (DP).**- Ma ech géif mech de Wiederder vum Kolleeg Serge Wilmes uschlëssen an dem Rapporteur Merci soe fir seng zwee Rapporten, an och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. An dat selwecht vum Här Biancalana.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Dem Här Back Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dat selwecht op Éislekesch vum Här Jeff Engelen.